**No XXXX**

DEPUTÉIERTECHAMBER

Ordinär Sessioun 2020 – 2021

**G E S E T Z E S V I R S C H L A G**

**Ännerung vum Art. 271 vum Code de la sécurité sociale**

* * *

*Depot (M. Fernand Kartheiser) den 20.10.2020*

**INHALTSVERZEECHNES :**

Säit
1) Begrënnung vun der Gesetzespropositioun ....................... 1
2) Text vum Gesetzesvirschlag ............................................. 2
3) Kommentar zum eenzegen Artikel .................................... 2

**BEGRËNNUNG VUN DER GESETZESPROPOSITIOUN**

Jonk Leit iwwer 18 Joer, déi de Wee vum eCampus (fréier eBac) wielen, fir en „Diplôme de fin d'études secondaires" (Sectioun „G moderne" vum Enseignement secondaire classique) ze maachen, hunn am Prinzip kee Recht méi op Kannergeld. Den Artikel 271 al. 2 vum Code de la sécurité sociale gesäit aktuell dräi Méiglechkeete vir, bei deenen d'Kannergeld fir Jonker bis 25 Joer ka weiderbezuelt ginn.

> " (2) Le droit à l'allocation familiale est maintenu jusqu'à l'âge de vingt-cinq ans accomplis:
>
> a) si l'enfant poursuit effectivement, sur place dans un établissement d'enseignement, à titre principal d'au moins vingt-quatre heures par semaine des études secondaires, secondaires techniques ou y assimilées;
>
> b) si l'enfant poursuit effectivement, sur place et à titre principal des études ou une formation adaptée à ses capacités dans un institut, service ou centre d'éducation différenciée, conformément à la loi modifiée du 14 mars 1973 portant création d'instituts et de services d'éducation différenciée ou dans tout autre établissement spécialisé agréé par le ministre ayant la Famille dans ses attributions, ou dans un établissement équivalent sis à l'étranger;
>
> c) si l'enfant poursuit un apprentissage dont l'indemnité est inférieure au salaire social minimum. "

D'Fro stellt sech ob an dëser limitativer Opzielung net och de Bildungswee iwwer eCampus misst explizit mat opgeholl ginn.

Den eCampus ass eng Internet-Plattform, déi schoulesch Parcoursen ubitt, déi mat engem Diplôme de fin d'études secondaires classiques/secondaires générales ofschléissen. Dëse Wee zum Bildungsofschloss ass ënner anerem och geduecht, fir méi héich talentéierte Schüler genuch Fräiraum a Flexibilitéit ze ginn, fir hir besonnesch Talenter, z.B. akademescher, kultureller oder sportlecher Natur, och wärend der Virbereedung op e Lëtzebuerger Ofschlossdiplom, op méiglechst héijem Niveau kënne virun ze bedreiwen. D'Finalitéit vum Ofschloss iwwer eCampus schléisst also am Prinzip aus, datt e Schüler eng vun deenen dräi aktuelle Konditioune vum Art. 271 al (2) vum Code de la sécurité sociale kann erfëllen, obschonns e keen eegene Revenu huet oder jiddefalls kee Revenu, deen a senger Zomm engem onqualifizéierte Mindestloun géing entspriechen. Domat huet also de Léiermodell eCampus, deen engem Schüler méi Flexibilitéit a méi Fräiheet soll bidden, am finanzielle Sënn méi schlecht Konditiounen, wéi en normale Schoulmodell. De schoulesche Parcours iwwer eCampus verléiert doduerch e groussen Deel vum Intressi, deen e kéint bei de Schüler fannen.

Dowéinst gëtt an dësem Gesetzesvirschlag proposéiert, de Bildungswee iwwer eCampus als véiert Méiglechkeet explizit mat an den Art 271 al (2) vum Code de la sécurité sociale mat opzehuelen.

## TEXT VUM GESETZESVIRSCHLAG

**Eenzegen Artikel:**

A l'article 271 al (2) du Code de la sécurité sociale est inséré, à la suite du point c), un point d) dont la teneur est la suivante:

> " d) si l'enfant ou le jeune adulte est inscrit dans une formation sur la plateforme eCampus menant à un diplôme et agréée par le ministre ayant l'éducation nationale dans ses attributions et ne dispose pas d'un revenu équivalent ou supérieur au salaire social minimum". "

## KOMMENTAR ZUM EENZEGEN ARTIKEL

Dësen Artikel erlaabt et och deene Jonken, déi de schoulesche Parcours iwwer eCampus maachen, bis zum Alter vu 25 Joer vun der „allocation familiale" ze profitéieren. Dëst ënnert der Bedéngung, datt si kee Revenu hunn, deen op d'mannst dem Mindestloun entsprécht.